Text: Simone Beck

An d'Kanner loossen hire Kaffi ston...

'T as Kiirmesdag an eng Gei jéngt muerges an der Gaass,
'T jäitzt eng Clarnett an 't brommt eng schaddreg Baass,
An d'Hämmel gin derbei mat Bänn a Flettschen un,
Blénkeg zënne Plettlen an der Rei sin hannendrun,
Sin hannendrun;

An d'Kanner loossen hire Kaffi ston
Fir deene schéinen Hämmel nozegon
Wou d'Musek as, déi spillt sou lëschteg d'Gaassen an,
Fir bei all grouss Hären an der Stad hir Ronn ze man,
Hir Ronn ze man.

Déi 1. Strof vum Michel Lentz séngem „Hämmelsmarsch"

Ouni wëllen eng Äntwert op d'Fro ze ginn, ob d'Kanner richtegen oder Schiggeriskaffi stoegelooss hunn, fir deene schéinen Hämmel nozegoen, gehéiert an eng *ons stad* iwwer Musek awer och de Brauch vum Hämmelsmarsch, och wann haut kaum Hämmelen oder Schof mat duerch d'Gaasse ginn. De Begréff „Hämmelsmarsch"spillt op eng Traditioun un, awer och op dem Michel Lentz säi Lidd aus dem Joer 1861. Op Kiermessonndeg – de Joresdag vun der Wei vun enger Porkierch – geet d'lokal Musek (haut ouni Schof) duerch d'Uertschaft, spillt den „Hämmelsmarsch" a geet da vun Dir zu Dir ophiewen. Beim Michel Lentz geschitt dat mat „blénkeg zënne Plättelen."

Den Uersprong vun deem Brauch ass net kloer. Fir di eng soll en aus dem 16. Joerhonnert stamen, wéi de Jhang de Blannen de Schéifer erlaabt hätt, op dem Dag vun hirem Schutzpatréiner mat Schof duerch d'Uertschaft ze goen an vun de Leit Suen ze froen.[1] Fir anerer staamt déi Traditioun vun der Brudderschaft St. Sebastian, déi mat Feil a Bou geschoss hunn. Op der Fouer hätten si e Concours organiséiert, bei deem een en Hammel gewanne konnt, deen dann op Kiermessonndeg duerch d'Stroosse vun der Stad gefouert gouf.[2] Awer och dat ass net eendeiteg, well et besteet och d'Versioun, no där d'Memberen vun der Brudderschaft am 17. Joerhonnert en Hammel beim Keelespill op der Fouer gewonnen hätten.[3]

Wéi et dann och ëmmer war, dee Brauch huet sech bis haut erhalen, wéi dem Michel Lentz seng bekannte Melodie och. Där hiren Uersprong ass esou onsécher wéi de vum Brauch vum Hämmelsmarsch u sech. Erënnert se un e Klackespill vum Mansfeldsschlass a Clausen oder un eent aus der Kathedral?[4] Eppes ass op alle Fall sécher: dem Michel Lentz säi Lidd ass nach haut beléift a bekannt, genee sou beléift a bekannt wéi dem Wil Lofy säi Buer um Roude Pëtz, deen 1982 ageweit gouf.

Säit 2008 steet d'Schueberfouer an hiren Hämmelsmarsch um nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwen vu Lëtzebuerg.

Simone Beck

D'Simone Beck ass Presidentin vun der Lëtzebuerger UNESCO-Kommissioun a Coordinatrice vun ons stad.

Bibliographie

1 https://www.walfer-musek.lu/traditiounen/hammelsmarsch/
2 www.iki.lu
3 https://www.walfer-musek.lu/traditiounen/hammelsmarsch/
4 ons stad, 86/2007, S. 39

© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Den Hämmelsmarsch an der Groussgaass duerch d'Lëns vum Batty Fischer (1957)

Dem Wil Lofy säin Hämmelsmarsch um Roude Pëtz

Foto: François Bumy (2013)
© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Foto: Charles Soubry (2022)
© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Den Hämmelsmarsch op der Fouer